



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet aktuell sechs sougenannten international Schoulen, déi nom System vun den agreéierten europäesche Schoule fonctionéieren : zu Clierf, Déifferdeng, Jonglënster, Miersch a Mondorf souwéi och an der Stad Lëtzebuerg (Märel).

Mengen Informatiounen no ass de Ministère am Moment amgang, no Standuerter fir weider international Schoulen ze sichen an huet an deem Kontext scho verschidde Gemengen demarchéiert.

Dowéinst wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister confirméieren, dass aktuell no weidere méigleche Standuerter gesicht gëtt ?
 - Wa jo, wéi eng Gemenge ginn dofir an d'A gefaasst ?
- Ganz allgemeng, soll de Réseau vun internationale Schoule weider ausgebaut ginn ?
 - Wa jo, no wéi enge Krittären ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op parlamentaresch Fro
Nr. 8025 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

Ad 1)

Vu de Succès vun den internationale Schoulen, sief et zu Déifferdeng, zu Clierf, zu Munneref, zu Jonglënster, zu Miersch oder an der Stad Lëtzebuerg, ass de Staat mat verschiddene Gemengen a Kontakt fir ze préiwen, ob et Méiglechkeete ginn, fir de Reseau vun internationale Schoulen auszebauen. Aktuell sinn dat d'Gemenge Schëffleng, Diddeleng a Suessem.

Ad 2)

Kee Kand soll opgrond vu senger Hierkonft oder dem sproochlechen Hannergrond vu sengem Elterenhaus an der Schoul en Nodeel hunn. Am Géigendeel soll all Kand déi selwecht Chancen hunn. Dofir soll Däitsch net déi eenzeg Sprooch sinn, an där e Kand zu Lëtzebuerg alphabetiséiert gëtt; donieft ginn och Schoule gebraucht, déi no engem anere Sproocheregime funktionéieren, wéi dëst am nationale Schoulsystem de Fall ass. Fir dem Succès vun den internationale Schoule gerecht ze ginn, gëtt dofir envisagéiert, déi international Offer weider auszebauen.

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH